ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 01/03/2024

# Rapport vun der Kommissioun Relations publiques

## Sëtzung vum 19. Februar 2024

## Presenzen

| Present | Net present |
|---|---|
| Assa Luc / Bisenius Jean-Claude / Bozic Anton / Braun Daniel / Jans Nancy / Kohl Joshua / Lucas Patrick / Pinto Toni / Weis- Collé Suzanne | Baus Ben / Kaur Narveen / (Entschëllegt) |

## Dagesuerdnung

Déi follgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (relations.publiques@helperknapp.lu) an d'Gemengesekretariat (secretariat@helperknapp.lu) verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst.

1. Wëllkomm
2. Diskussioun iwwert méi präzis Verbesserungsvirschléi fir den Internetsite an d'App
3. Diskussioun iwwert Verbesserungsvirschléi fir de Buet an d'Newsletter
4. Diskussioun iwwert eng méi präzis Beschreiwung vum Aufgabeberäich vun der Kommissioun
5. Divers

Helperknapp, 01/03/2024

## Punkt 1 Wëllkomm

D'Nancy Jans heescht d'Kommissioun wëllkomm a wënscht jidderengem Alles Gutts am Neie Joer. Als Prezisioun zum Punkt 4, d'Nancy wollt domadder d'Diskussioun féieren wéi de Public d'Gemeng als Institutioun gesäit a wéi et sech hei wunnt, an eben wat den Image public vun der Gemeng ennerhalb an ausserhalb vun der Gemeng ass.

Déi Punkte wou mer nach keng Äntwert kruten proposéiert d'Presidentin weiderzeféieren an hat freet och nach eng Kéier op der Gemeng no.

## Punkt 2 Internetsite an d'App

*Diskussioun iwwert méi präzis Verbesserungsvirschléi fir den Internetsite an d'App*

Um Site wier eng Rubrik "Citoyen" oder "Fräizäit" interessant, wou een e.a. kéint d'Auto-pédestres, d'Spillplazen, Sportsclibb a soss Fräizäitangeboter affichéieren.

D'Aschreiwung fir d'Newsletter an de Search ennen op der Säit stinn do ongënschteg. Search Funktioun ass iwwregens net funktionnell.

Et ass och immens Schued datt d'Clibb enner Annuaire Communal stinn an dat och nach ouni Informatiounen, dëst kéint ee besser presentéieren och sou wéi an der Brochure "Eis Clibb" (déi iwwregens och net um Site verlinkt ass), awer immens positiv vun der Kommissioun ageschat gouf. Den Internetsite an d'App vu Kielen wieren do eng good practice, do fällt dat Alles enner Turismus.

Um Site ass et flott datt een zwar kucke ka wéini Säll disponibel sinn, mee et kéint ee kucken d'Reservatioun vu Material och informatesch ze léisen. Den Internetsite an d'App vu Kielen wieren och hei nees eng good practice.

Et wier och sproochlech gesi wichteg op d'mannst 1 aner Sprooch ze bidden, och am Zeeche vun der Integratioun. Wann een déi Sectioun Citoyen/Fräizäit géif schafe, kéint een dee Beräich jo mol als quasi Pilot opsetzen. Déi meescht Informatioune si jo bestëmmt och schonn disponibel. Ideal wieren Däitsch, Franséich an Englesch, an et wier och eng Iwwerleeung wäert dës Iwwersetzungen z'automatiséieren iwwer eng professionnell Firma.

Ähnlech wéi bei de Slogan vun der Initiativ "Mir wëllen iech ons Heemecht weisen", wier een Opruff am Buet flott fir datt Bierger hier flott Plazen aus der Gemeng kéinte virstellen, mat Text a Photoen zBsp.

Helperknapp, 01/03/2024

## Punkt 3 Buet an d'Newsletter

*Diskussioun iwwert Verbesserungsvirschléi fir de Buet an d'Newsletter*

D'Nancy hat Feedback ginn zum Buet dee mir gescheckt kruten am Dezember, an do war enner anerem ee Flyer dee net kloer war. Op säi Feedback hinn war der Gemeng hier Positioun fir do net an aner hier Dokumenter schaffen ze goen. Dëst fanne mir ongléckelch well et jo drëms geet eng Informatioun ze verdeelen a wann dës net komplett oder onkloer ass, verfeelt dat Ganzt säin Zweck. Mir géifen et ubruecht fannen datt een op d'mannst de Club oder d'Organisatioun iwwer Problemer forméiert an se encouragéiert eng besser Versioun ze schécken.

De Schlussdeel vum Buet wierkt och immens zesummegewürfelt an iwwerlueden, wier et net méiglech do een Tri ze maachen an ofwiesselnd déi reegelméisseg Säiten ze weisen oder op d'mannst Säiten net emmer nees ze widderhuelen. Aktuell riskéiere Leit den hënneschten Deel guer net méi ze kucken.

Fräiwëlleg kënne mir gären de Buet duerchkucken, fillen eis awer net responsabel fir dësen ze verbesseren – mir gesinn eis Funktioun net am Proofreading. De gesamte Feedback géif da vum Sekretär gesammelt ginn a per Email un d'Gemeng weidergeleet ginn.

A Punkto Contenu steet zwar vill "Aktuelles" dran (Festivitéiten a sou Saachen), mee et feelt eis e bëschen u méi historeschen oder kulturelle Bäiträg, zBsp : eng Erklärung zum Numm "A Brissen", Spiichten oder Soen aus der Gemeng Helperknapp.

## Punkt 4 Aufgabeberäich vun der Kommissioun

*Diskussioun iwwert eng méi präzis Beschreiwung vum Aufgabeberäich vun der Kommissioun*

D'Nancy Jans freet bei der Gemeng no wéi een et am Beschte kéint maachen fir zBsp ee Groupe de Travail ze schafen mat anere Kommissiounen fir Contenu souwuel fir de Buet als ewéi de WWW ze schafen.

## Punkt 5 Divers

Den Tony Pinto huet ervirgehuewen datt een als Bierger vun der Gemeng oft opgeschmass ass wann een den Transport en commun wëll huelen, e.a. och zu Bëschdref. Mir géifen do proposéieren datt eventuell eng Verkéiers-, Emwelt- oder vläicht souguer eng nei Mobilitéitskommissioun sech dëser Saach kéint unhuelen.

Fir och mol dat Positivt erfirzehiewen, wier et flott wann een eng Alternativ géif bidden zum Report-It, och mol eppes Guddes ervirhiewen.